
# SYNERGIE

FEBRUAR 2023 #70

De Regionalmagazine Atert-Wark vum Kanton Réiden



KANTON RÉIDEN



# Guided Easter Tours

## ERLEBEN SIE DAS FRÜHJAHR VON SEINER KULTURELLSTEN SEITE VOM 4. BIS ZUM 15. APRIL



### 04.04 & 11.04

**USELDANGE**
**Kinderfreundliche Tour auf der Useldinger Burg**

15:00-16:30 Uhr
LU/DE/FR
Preis pro Person: 8 €
(gratis für Kinder unter 6 Jahren)

Für Familien mit Kindern ab 4 Jahren.
Kinder in Begleitung eines Erwachsenen.
Kleidung den Wetterbedingungen anpassen.
Nicht geeignet für Kinderwagen oder Rollstuhlfahrer.

Auf spielerische und leicht verständliche Art und Weise nimmt der Tourguide auch die jüngsten Teilnehmer in ritterlichem Gewand mit auf Entdeckungsreise durch die Useldinger Burg.



### 05.04 & 12.04

**BECKERICH**
**Energie Tour**

14:30-16:30 Uhr
LU/DE/FR
Preis pro Person: 10 €

Für Familien mit Kindern ab 11 Jahren.
Kinder in Begleitung eines Erwachsenen.
Kleidung den Wetterbedingungen anpassen.

Wie sieht eine Biogasanlage von innen aus? Wie viele Häuser sind an einem Nahwärmenetz angeschlossen? Auf der Energietour in Beckerich bekommen Sie viele Antworten zum Thema nachhaltige Entwicklung.



### 06.04 & 13.04

**KAHLER**
**Kulinarischer Stopp bei Eggs & Hopp!**

15:00-16:30 Uhr
LU/DE/FR
Preis pro Person: 10 €

Bitte geeignete Kleidung und Schuhwerk für den Hof vorsehen.
Kinder in Begleitung eines Erwachsenen.

Der landwirtschaftliche Familienbetrieb Jemming wird von der Tochter Lynn geleitet. Nach der Ankunft erhalten Sie einen Einblick in das Hofleben der seit 2009 biologisch bewirtschaftet wird. Anschließend dürfen Sie sich über eine kulinarische Verkostung freuen. Es erwarten Sie hausgemachte Eierprodukte wie Eierlikör, Nudeln & Fleisch.



### 07.04 & 14.04

**OBERMARTELINGEN**
**Airbrush-Workshop im Schiefermuseum**

10:00-12:00 Uhr
LU/FR/DE/EN
Preis pro Person: 12 €

Für diese Workshops ist ein Mindestalter von 8 Jahren erforderlich.
Bitte festes Schuhwerk und warme Jacke mitbringen (In der Grube sind konstant 9° Celsius).
Kinder in Begleitung einer Erwachsenen.

Entdecken Sie das Schiefermuseum über und unter dem Boden. Es wird Hand angelegt! Erlernen Sie Schiefer zu hauen wie einst die „Leeképperten". Anschließend wird diese selbstgeschlagene Schieferplatte mit einer manuellen Airbrush-Technik nach Lust und Laune dekoriert.



### 08.04 & 15.04

**UEBERSYREN**
**„Schlammwiss"**
**Auf Entdeckungstour im Naturreservat**

09:00-11:30 Uhr
LU/DE/FR/EN
Preis pro Person: 8 €
(gratis für Kinder unter 12 Jahren)

Kleidung den Wetterbedingungen anpassen.
Kinder in Begleitung eines Erwachsenen.

Im Naturreservat „Schlammwiss" ist immer etwas los! Hier leben sehr viele verschiedene Tiere und Insekten. Wir schleichen uns durch das Schilfgebiet und observieren das bunte Geschehen. Neben zahlreichen Aktivitäten zum Entdecken dieses einzigartigen Naturreservats besuchen wir die Vogelberingungs - station. Von hier aus werden die Vögel beobachtet und studiert. Diese Arbeit spielt eine wichtige Rolle zum Thema Artenvielfalt und Naturschutz.



**www.visitguttland.lu**

VisitGuttland @visitguttland

Anmeldung erforderlich: T +352 28 22 78 62 / info@visitguttland.lu

Visit Guttland

## Impressum

Rédaction, direction artistique, illustration, mise en page & suivi de production
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable
Art & Wise s.à r.l.

Impression
Imprimerie Reka s.a.

Renseignements & réservations
T 23 62 43-20
info@artandwise.lu



© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute reproduction, ou traduction, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite au préalable de l'éditeur.



Prochaine parution
Fin mars 2023

Clôture annonce
Mi mars 2023

Tirage
13.625 exemplaires

Magazine régional d'information bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l. en collaboration avec le Syndicat Intercommunal „Kanton Réiden" et le Groupe d'Action Locale Leader Atert-Wark.

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.


# Sommaire


**02** Weltwassertag Ausflug ins Grendeler Niedermoor

**04** Natura 2000, eine Region voller Schätze, das Grendeler Niedermoor





**06** Gidd Multiplicateur fir d'Gemengewalen vum 23. Juni 2023

**07** Kanton Réiden: eis Gemengen op Hoplr

**08** Egalitéit an de Gemengen
D'Actricen an d'Acteure vun hirer Promotioun

**10** 2. Deel
Froen un den Expert: Ass den Elektro-Auto di besser Léisung?

**15** Vos propositions pour une amélioration du transport public

**16** Wéi zefridde sidd Dir mat Ärem Elektro-Auto?

**18** Déi nei Mäerzeger Gemeng

**22** Le climat change – c'est un fait !

**25** Energieatelier News

**26** Op Zäitrees duerch de Wëlle Westen





**30** De Misaershaff feiert 30 Joer!

**33** Visit Wëlle Westen Réckbléck 2022

**34** Repair Cafés am Kanton Réiden





**35** Cube 521

**36** Agenda



Gewässervertrag Attert / Contrat de Rivière Attert

# Weltwassertag

Am 22. März jährt sich wieder der Weltwassertag.
Dieser Tag zu Ehren des Wassers soll uns den Wert und die Bedeutung des Wassers stärker ins Bewusstsein rücken.

## *La journée mondiale de l'eau 2023*

*Le 22 mars est la journée mondiale de l'eau. Cette journée, où l'eau est au centre de tous les intérêts, doit nous rappeler sa valeur et l'importance de protéger cette ressource.*





# Ausflug ins Grendeler Niedermoor

Dort, wo wir dem Wasser Raum zum Ausdehnen geben, entsteht Lebensraum. Die Feuchtgebiete sind Lebensraum für eine Vielzahl an Vögeln, Amphibien, Säugern, Libellen, Schmetterlingen u.a. Leider sind in Luxemburg seit den 50ger Jahren mehr als 80% dieser Lebensräume verschwunden. Ihr Erhalt ist heute eine gesellschaftliche Aufgabe und Herausforderung.

Im Tal der Attert sind noch einzelne Relikte davon erhalten. Eines davon ist das Grendeler Niedermoor an der luxemburgisch-belgischen Grenze.

Anlässlich des Weltwassertages möchten wir Ihnen die Besonderheiten dieses Lebensraums aufzeigen und Sie zu einem Ausflug ins Grendeler Niedermoor mitnehmen. Ein Bus bringt Sie gratis von Colmar-Berg, Bissen und Useldingen dorthin. Auf dem Rückweg werden wir ein Stück an der Attert entlang wandern.

| | |
|---|---|
| **Wann** | **1. April 2023** |
| **Ort** | **Grendel (B)** |
| **Treffpunkt** | **13:30 vor dem Kulturzentrum in Colmar-Berg<br>13:40 vor dem Rathaus in Bissen<br>13:50 Parking beim Friedhof in Useldingen** |
| **Dauer** | **Rückkehr in Colmar-Berg gegen 17:30** |
| **Sprache** | **LU** |
| **Teilnehmer** | **max. 30** |
| **Anmeldung** | **bis zum 30. März: T 26 62 08 08 oder maison.eau@attert.com** |

# *Excursion au marais de Grendel*

*Là où nous donnons la possibilité à l'eau de s'étendre, elle crée de nouveaux habitats. Ces zones humides sont des habitats privilégiés pour les oiseaux, amphibiens, mammifères, libellules, papillons etc. Malheureusement, depuis les années 50, plus de 80% de ces habitats ont disparus. De nos jours, leur maintien est une question sociétale et un défi pour tout un chacun.*

*Il reste dans la vallée de l'Attert quelques reliques de ces habitats. Une de celles-ci est le marais de Grendel, situé à la frontière belgo-luxembourgeoise.*

*A l'occasion de la journée mondiale de l'eau, nous souhaiterions vous montrer les particularités d'un tel habitat lors d'une visite du marais de Grendel. Un bus vous y conduira gratuitement depuis Colmar-Berg en passant par Bissen et Useldange. Au retour, nous ferons une petite promenade le long l'Attert.*

| | |
|---|---|
| ***Quand*** | ***1er avril 2023*** |
| ***Lieu*** | ***Grendel (B)*** |
| ***RDV*** | ***13h30 devant le Centre culturel de Colmar-Berg<br>13h40 devant la mairie de Bissen<br>13h50 parking près du cimetière d'Useldange*** |
| ***Durée*** | ***Retour à Colmar-Berg vers 17h30*** |
| ***Langue*** | ***LU*** |
| ***Participants*** | ***max. 30*** |
| ***Inscription*** | ***jusqu'au 30 mars : T 26 62 08 08 ou maison.eau@attert.com*** |

**Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.** 43, Grand-Rue L-8510 Redange T +352 26 62 08 08 maison.eau@attert.com www.attert.com

# Natura 2000, eine Region voller Schätze, das Grendeler Niedermoor

*Natura 2000, une région riche en trésors*
*Le marais de Grendel*

Das Grendeler Niedermoor an der belgisch-luxemburgischen Grenze ist ein eindrucksvolles kleines Naturparadies. Das Gebiet umfasst 4,37 ha und gehört wegen seiner grenzüberschreitenden Lage gleich zwei Natura 2000 Gebieten an.

*Le marais de Grendel, à la frontière belgo-luxembourgeoise, est un petit paradis naturel impressionnant. La zone couvre 4,37 hectares et, en raison de sa situation transfrontalière, elle fait partie de deux zones Natura 2000.*



Niedermoor © Natur & Ëmwelt



Der Blauschillernde Feuerfalter fungiert hier als Schirmart für viele weitere Schmetterlings- und Insektenarten
© Natur & Ëmwelt



Sumpfblutauge
© Natur & Ëmwelt

**Eine detaillierte Beschreibung des Grendeler Niedermoors finden Sie auf unserer Homepage www.attert.com**

***Une description détaillée du marais de Grendel peut être trouvée sur notre page internet www.attert.com***

Das Feuchtgebiet wurde noch bis 1945 landwirtschaftlich genutzt. Entwässerungskanäle durchzogen die Fläche und gemäht wurde per Hand. Diese Nutzungsform ermöglichte die Entstehung einer hohen Artendichte. Mit zunehmender Intensivierung der Landwirtschaft wurde die Bewirtschaftung jedoch uninteressant. Die Fläche verbuschte zusehends und viele spezialisierte Offenlandarten verschwanden. Heute kümmern sich zwei Naturschutzorganisationen um die Pflege des Niedermoors. Das Gebiet hat sich dank einer gelungenen grenzüberschreitenden Kooperation wieder in ein Paradies für feuchteliebende Tiere und Pflanzen verwandelt.

Eine Vielzahl schützenswerter Arten findet dort einen Rückzugsraum. Hervorzuheben ist beispielsweise der Blauschillernde Feuerfalter, eine seltene Schmetterlingsart, die europaweit unter Schutz steht. Auch das schmalblättrige Wollgras, das Sumpf-Blutauge und das Sumpf-Veilchen, drei typische Bewohner der Niedermoore, können dort noch beobachtet werden.

*La zone humide était encore exploitée pour l'agriculture jusqu'en 1945. Des canaux de drainage traversaient la zone et le fauchage se faisait à la main. Cette forme d'utilisation a permis le développement d'une forte densité d'espèces. Cependant, avec l'intensification croissante de l'agriculture, l'exploitation est devenue peu intéressante. La zone est devenue de plus en plus broussailleuse et de nombreuses espèces spécialisées au milieu ouvert ont disparu. Aujourd'hui, deux organisations de protection de la nature s'occupent de la gestion du marais. Grâce à une coopération transfrontalière fructueuse, la région a une fois de plus été transformée en un paradis pour les animaux et les plantes qui aiment l'humidité.*

*Un grand nombre d'espèces dignes de protection y trouvent refuge. Par exemple, le Cuivré de la bistorte, une espèce de papillon rare et protégée dans toute l'Europe, mérite une mention spéciale. On peut encore y observer la Linaigrette à feuilles étroites, le Camaret et l'Orchis à larges feuilles, trois habitants typiques des bas-marais.*

**Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.**
**Gewässervertrag Attert**
**Contrat de Rivière Attert**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T +352 26 62 08 08
natura2000@attert.com
www.attert.com

Natura2000AtertWarkdall

jepeuxvoter.lu

# Gidd Multiplicateur fir d'Gemengewalen vum 23. Juni 2023

*Devenez multiplicateur pour les élections communales du 11 juin 2023*

**Mellt Iech beim**
***Inscrivez-vous sur***

**CEFIS**
**5, avenue Marie-Thérèse**
**L-2132 Luxembourg**
**Tel: 44 743 501**
**Mail: cefis@cefis.lu**
**www.cefis.lu**

**Sidd dir bereet déi auslännesch Matbierger ze sensibiliséieren fir sech ob d'Wielerlëschte fir d'Gemengwalen 2023 anzedroen?**

**Sidd dir bereet eng Formatioun als Wal-Multiplicateur matzemaachen oder déi noutwenneg Infomatiounen ze kréien?**

D'Zil vun der Formatioun: E Pool vu Multiplicateuren ze schafen, déi sech engagéieren hir Famill, hiren Entourage, hir Noperschaft, Bekanntschaften oder Gemeinschaft ze sensibiliséieren, fir sech ob d'Wielerlëschten anzeschreiwen a bei de Gemengewalen vum 11. Juni 2023 matzemaachen.

Den CEFIS, Centre for Intercultural and Social Studies and Training asbl, zielt fir d'sozial Kohäsioun zu Lëtzebuerg duerch verschidden Aktivitéiten ze förderen, dorënner Fuerschungsaktiounen a sozial a politesch Formatioun, betreffend besonnesch Migratiounsphenomener a Politiken an hir verschidden Dimensiounen wéi:

- **d'Integratioun**
- **de Kampf géint Diskriminatioun**
- **Interkulturalitéit**
- **jidderengem seng Participatioun um sozialen a politesche Liewen**

***Êtes-vous prêts à sensibiliser les concitoyens de nationalité étrangère à s'inscrire sur les listes électorales communales de 2023 ?***

***Seriez-vous prêts à suivre une formation pour devenir multiplicateur des élections ou recevoir les informations nécessaires ?***

*Objectif de la formation : Créer des pools de multiplicateurs qui s'engagent à informer et sensibiliser leur famille, leur entourage, le voisinage, les connaissances, leur communauté à s'inscrire sur les listes électorales et participer aux élections communales du 11 juin 2023.*

*Le CEFIS, Centre d'Etude et de Formation Interculturelles et Sociales asbl, a pour objet de promouvoir la cohésion sociale au Luxembourg à travers différentes activités dont la recherche-action et la formation sociales et politiques concernant notamment les phénomènes et politiques migratoires et leurs diverses dimensions telles que :*

- ***l'intégration***
- ***la lutte contre les discriminations***
- ***l'interculturel***
- ***la participation de chacun à la vie sociale et politique***

**Pakt vum Zesummeliewen**
**Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-210
karsten.kuepper@kanton-reiden.lu
www.zesummeliewen.lu

# Kanton Réiden: eis Gemengen op Hoplr

## *Kanton Réiden : nos communes sur Hoplr*




Mir si frou Iech op Hoplr ze begéinen! D'Gemenge vum Kanton Réiden sinn elo säit e puer Wochen hei aktiv. Et ass flott, datt elo bal 700 Stéit un dësem neie sozialen Netzwierk vun de Gemengen ugeschloss sinn.

Wat méi Leit sech registréieren, wat et méi interessant gëtt fir Är Noperschaft. Zéckt dofir net fir Är Noperen, Är Frënn an Är Famill z'encouragéieren, déi och an ärer Gemeng wunnen. Dir kënnt se einfach invitéieren, direkt an der Applikatioun oder op der Websäit: www.hoplr.com.

Är Gemeng an de Kanton Réiden gesinn Är Messagen net am Netz, ausser Dir decidéiert fir Äre Message, Är Ufro fir Hëllef oder Är Iddi mam Kanton Réiden „ze deelen". De sozialen Netzwierk vun de Gemengen ass also haaptsächlech ären.

Dir kënnt de Kanton Réiden kontaktéieren andeems Dir Äre Message mat eis deelt.

**Mir wënschen Iech vill Spaass mam Hoplr!**

*Nous sommes heureux de vous rencontrer sur Hoplr ! Les communes du canton de Redange y sont maintenant actives depuis plusieurs semaines. C'est formidable que presque 700 ménages du canton soient maintenant connectés à ce nouveau réseau social des communes.*

*Plus il y a d'inscrits, plus que cela devient intéressant ! N'hésitez donc pas à encourager vos voisins, vos amis et votre famille qui vivent également dans votre commune. Vous pouvez facilement les inviter, directement dans l'application ou sur le site web : www.hoplr.com.*

*Votre commune et le « Kanton Réiden » ne voient pas vos messages dans le réseau, sauf si vous choisissez de partager votre message, votre demande d'aide ou votre idée avec le « Kanton Réiden ». Le réseau social de la commune est donc principalement le vôtre.*

*Vous pouvez contacter le « Kanton Réiden » en partageant votre message.*

***Nous vous souhaitons beaucoup de plaisir avec Hoplr !***

**Hutt Dir Froen?**
**Ma da schéckt eis eng Mail op hoplr@kanton-reiden.lu**

***Des questions ?***
***Envoyez-nous un courriel à hoplr@kanton-reiden.lu***

**Pakt vum Zesummeliewen**
**Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-210
karsten.kuepper@kanton-reiden.lu
www.zesummeliewen.lu

# Egalitéit an de Gemengen

## D'Actricen an d'Acteuren vun hirer Promotioun

De Schäfferot an de Gemengerot representéieren den exekutiven, respektiv de legislative Pouvoir um lokale Plang. Esou huet déi lokal Politik en direkten Afloss op d'Liewe vun den Awunner/innen. Op kengem aneren Niveau vun ëffentlechem Pouvoir, dee vu gewielte Vertrieder/innen ausgeüübt gëtt, si politesch Fortschrëtter esou séier an effikass moossbar wéi an der Relatioun vun enger Gemeng mat hiren Awunner/innen.

Dofir ass d'Gemeng en essentiellen Acteur, fir d'Egalitéit tëscht Fraen a Männer am Alldag ze verstäerken. Et ass an der Gemeng, wou Fraen a Männer, Meedercher a Jonge liewen, wou si sech am lokalen Associatiounsliewen engagéieren, an ënnert sech, mat dem Gemengepersonal a mat de politesche Responsabelen interagéieren. Dës si ganz no bei de Bierger/innen a kënnen dofir am beschten d'Besoine vun der lokaler Bevëlkerung identifizéieren.

Duerch d'Promouvéiere vun der Gläichstellung tëscht Fraen a Männer läit et an den Hänn vun der Gemeng, fir aus sengem Territoire eng Plaz ze maachen, wou Fraen a Männer, Meedercher a Jongen, gläichwäerteg behandelt ginn.

### D'Gemeng a seng Bevëlkerung

Eng Gemeng offréiert ëffentlech lokal Servicer an huet an dëser Roll d'Verflichtung, fir d'Gläichstellung vu jidderengem virum ëffentleche Service ze respektéieren, notamment, andeems si all Form vun Diskriminatioun vun de Geschlechter vermeit, wat d'Offer an den Zougang zu de Servicer ubelaangen. Effektiv kënnen déi deeglech Operatiounen, dat professionellt Liewen an Horairen, oder och nach individuell Bedierfnesser beim Logement oder der perséinlecher Ënnerstëtzung (Garde vu Kanner, Fleeg vun eelere Persounen, professionell Formatioune beim Retour an d'Aarbechtsliewen,...) staark variéiere jee no Geschlecht.

### D'Gemeng a säi Personal

All Gemeng ass och en Employeur, deen d'Rechter vu sengen Agent/innen virbildlech respektéiere muss. Esou mussen déi politesch Responsabel sécherstellen, datt et e gudden Equiliber beim Personal gëtt, datt jiddereen déi selwecht Opstiegskonditiounen huet, esou wéi Accès zu Poste mat Decisiounskraaft oder zu atypesche Beruffer fir hiert jeeweilegt Geschlecht. All dës Prinzippie verbesseren net just d'Wuelbefanne vun den Agent/innen, mä verstäerken och d'Produktivitéit an hir Fäegkeeten zur Innovatioun.

Och eng ausgeglache Representatioun vu Fraen a Männer bei de politesche Responsabelen erlaabt et fir eng méi nuancéiert Gemengepolitik ze féieren, déi d'Besoinen an d'Situatioune vu jidderengem respektéiert. Hei läit et un de politesche Parteien, fir all méiglech Mesuren ze huelen, fir esouwuel Männer wéi och Fraen un der Gemengepolitik z'interesséieren, si an d'Gemengestrukturen z'integréieren an si ze motivéieren, sech aktiv um lokale Liewen ze bedeelegen.

### Thematesch Internetsäit www.megagemengen.lu

Dank eiser nationaler Bestandsopnam iwwert déi kommunal Politike fir d'Egalitéit konnt de MEGA prezis Informatioune sammelen iwwert d'Wënsch an d'Besoine vun de Gemengen, wat d'Implementéierung vun der Promotioun fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer op hirem Territoire ugeet. Doduerch konnt de MEGA en thematesche Site fir d'Egalitéit tëscht Fraen a Männer um lokale Plang schafen. Hei fanne gewielte Politiker/innen, Agent/inne vum Gemengepersonal a Bierger/innen eng Panoplie vun Informatiounen iwwert d'Gläichstellung um lokale Plang. Eng interaktiv Kaart erlaabt et esouguer ze gesinn, wat déi eege Gemeng a Punkto Egalitéit realiséiert huet. Eng Sammlung vu gudde Beispiller proposéiert bewäert Aktivitéiten aus alle Kompetenzberäicher vun enger Gemeng.

### D'Actricen an d'Acteuren AM DETAIL

**Decideuren/eusen**
Buergermeeschter/tesch,
Schäffinnen a Schäffen
Gemengerot

**Executanten**
Gemengen-Administratioun,
kommunal Servicer


**Beneficiairen**
Bierger/innen

**Multiplicateuren**
Biergerparticipatioun
Veräiner, Sport & Kultur
Partner

**Actricen / Acteuren**
Service fir d'Egalitéit
Consultativ Kommissioun fir d'Gläichstellung
Politesch/en Delegéiert/en fir d'Egalitéit
Delegéiert/en fir d'Gläichstellung beim Personal

**Schaffgeschier**
Aktiounsplang fir d'Egalitéit
Mega-plus Konventioun
Europäesch Charta
Thematesch Internetsäit

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes




An hirer Promotioun fir d'Egalitéit ass eng Gemeng nimools ganz eleng, mä kann sech ëmmer Organer an Instrumenter ginn, déi si an hiren Efforten ënnerstëtzen. **De Schema illustréiert a vereinfachter Form d'Interaktiounen tëscht deene verschiddenen Organer.** En erlaabt et der Ëffentlechkeet engersäits, d'Erausfuerderunge vun enger aktiver lokaler Egalitéitspolitik besser ze verstoen, an anerersäits d'Mëttele vun der Bedeelegung als eenzel Persoun z'illustréieren.



2. Deel

# Froen un den Expert: Ass den Elektro-Auto di besser Léisung?

D'Suite vum Interview mam Xavier Hansen (XH), Direction des Marchés de l'énergie, Ministère fir Energie a Landesplanung a mam Gilles Caspar, Direction de la technique automobile, Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten.

**D'Produktioun vun de Batterie gëtt oft wéinst hirer grousser Ëmweltverschmotzung kritizéiert. Stëmmt Dir deem zou?**

***GC:*** D'Europäesch Kommissioun ass am gaangen di aktuell Veruerdnung iwwer d'Batterien (all Zort, net nëmme vun E-Autoen) ze iwwerschaffe mam Zil hire ganze Liewenszyklus méi strikt ze reglementéieren. Dës nei Reegelen, déi 2023 a Kraaft triede sollen, gesinn ënner anerem folgend Fuerderunge vir: Reegelen zum „carbon footprint", ee Minimum u recycléiertem Inhalt, souwéi Leeschtungs- an Haltbarkeetskrittären. Zousätzlech soll d'Aféiere vun engem „Batteriepass" eng besser Traçabilitéit garantéieren an et ginn nei Ufuerderungen un d'Entsuergung vun de Batterie gestallt. Do dernieft ginn och nei Verflichtungen un d'Acteuren an der Rohstoffbesuergung gestallt.

**A wéi steet et mat den Aarbechtsbedingungen an dem Ressourcenopwand bei der Batterie-Hierstellung?**

***GC:*** D'Firmen aus dem Autossecteur passe verstäerkt drop op Materialien ze notzen, déi net ënner onmënschleche Bedingungen

ofgebaut ginn. Sou koumen 2002 nach 90% vum Kobalt aus dem Kleinbergbau, 2020 waren et der nëmmen nach 20%. Wat de Ressourcenopwand ugeet, ass eng änlech Tendenz festzestellen. Di technesch Entwécklung geet dohinner fir manner problematesch (an oft deier) Materialien ze notzen, oder ganz drop ze verzichten.

**Riskéiere mir net eng nei Ofhängegkeet vun oft ondemokratesche Staaten, fir un de Lithium, Kobalt an d'Magnéiter ze kommen?**

*XH:* D'Europäesch Kommissioun ass sech der strategescher Wichtegkeet vun enger europäescher Batterieversuergungskette bewosst an huet d'European Battery Alliance am Oktober 2017 lancéiert. Dat gemeinsaamt **Zil ass eng staark a kompetitiv europäesch Batterienindustrie opzebauen** andeems innovativ Projeten ënnerstëtzt ginn, déi vum Biergbau bis bei de Recycling reechen. D'EU wëll och kritesch Batteriematerialien an der europäescher Wäertschöpfungskette schützen, sou datt déi Materialien disponibel si fir déi zukünfteg Elektroautoen an och fir aner Produkter. Ee wichtegt Element ass hei natierlech de Recycling vu Batterien, duerch dee Materialien di eemol am System sinn erëm kënne verwäert ginn.

*Redaktioun:* Et gëtt elo och eng Lithium-Produktioun an der Pfalz (Vulcan Energie Zero Carbon Lithium™).

**Wéi laang hält eng Batterie a wéi gesäit et no hirer Liewensdauer aus?**

*GC:* Quasi all Autoshiersteller gëtt momentan eng Garantie vu mindestens 8 Joer an 160.000 Kilometer op d'Batterie. **Batterie fir Elektroautoe sinn an der Reegel drop ausgeluecht mindestens 1.500 Luet- an Entluetzyklen auszehalen, wat bei engem typeschen Auto bal 500.000 km entsprécht.** Dëst bedeit dat d'Batterie am Fong méi laang wéi den Auto hale kann an dëst huet sech och scho bei Elektroautoen am Ëmlaf bestätegt. Hei ass et wichteg ze soen, dass eng Autosbatterie um Enn vun hirer Liewenszäit net futti ass, mee nëmmen nach 70-80% vun hirer initialer Kapazitéit huet. Et ginn och elo eng Rei Initiative fir d'Batterien anescht, z.B. als stationär Batterie weider ze benotzen. Duerno kann de Gros vun de Materialien an der Batterie recycléiert an nees nei benotzt ginn.



Am Geothermie-Kraaftwierk vun der Firma Vulcan Energie zu Insheim bei Landau in der Pfalz gëtt de Lithium aus dem waarme Geothermie-Waasser gewonnen
© Foto: Vulcan Energie

**Verschidde Persounen zécken de Wiessel wéinst der begrenzten Autonomie vun de meeschten E-Autoen. Ka sech dëst geschwënn änneren?**

*GC:* D'Luxmobil Ëmfro vun 2017 huet erginn, dass een Auto am Duerchschnëtt op engem Wochendag zu Lëtzebuerg 45 km fiert. Fir esou Distanzen am Alldag brauch ee keng grouss Batterie. **Fir méi grouss Distanzen, déi nëmmen e puer Mol am Joer mam Auto zréckgeluecht ginn, brauch een och keng Autonomie vun 1.000 km.** Déi meescht Elektroautoen, déi elo um Marché sinn, hunn eng grouss genuch Autonomie fir problemlos 3 Stonnen op der Autobunn ze fueren an dann an enger hallwer Stonn séier nogelueden ze ginn.

**Fannen ech iwwerall an Europa eng fräi Opluetstatioun, wann ech grad eng brauch?**

*GC:* Europawäit entsteet grad ee Reseau, dee bis Enn 2025 op mannst all 60 Kilometer op den Autobunne séier Luetstatiounen a béid Richtungen an an adequater Stéckzuel virgesäit. An der Ëmgéigend vu Lëtzebuerg ass dat och haut scho quasi de Fall. Esou ee Reseau sollt de Besoine vun deene meeschten Autosfuerer gerecht ginn. An Zukunft wäert et sécher och Autoe ginn, déi nach méi eng héich Reechwäit wäerten hunn, mee do muss ee sech d'Fro vum Optimum tëschent Ressourcëverbrauch an Notze stellen.



Gilles Caspar



Xavier Hansen




Quelle: TÜV-Nord




**A wéi gesäit et hei zu Lëtzebuerg mat den Opluetstatiounen aus?**

*XH:* Zu Lëtzebuerg si mer aktuell am EU Verglach relativ gutt opgestallt wat Elektroautoe pro Luetpunkt ubelaangt. Den Chargy Reseau, dee vun de Stroumnetzbedreiwer en place gesat gëtt, besteet haut aus ca. 1.400 Luetpunkten, wouvunner op mannst een an all Gemeng vum Land steet. Säit Ufank 2021 gehéieren och Schnelllueder, sougenannte SuperChargy Bornen zum Reseau. Déi sti virun allem op den Haaptachsen, notamment den Autobunn-Tankstellen. Den Chargy Reseau ass do fir eng Gronddeckung iwwert dat ganzt Land sécherzestellen. Iwwert Appels à projets ginn elo zousätzlech privat Acteuren incitéiert ëffentlech accessibel Bornen opzeriichten. Bei engem éischten Appell an deem Kader krute rezent 162 ëffentlech zougänglech Bornen den Zouschlag fir e Subside ze kréien. Dës Borne ginn am Laf vun dësem Joer opgeriicht.

**Kann ech am Wanter d'Heizung an am Summer d'Klimaanlag a mengem E-Auto umaachen ouni dass d'Batterie ze séier eidel gëtt?**

*GC:* Et ass richteg, dass d'Autonomie vun de Wiederkonditiounen ofhänkt, a besonnesch am Wanter bei nidderegen Temperaturen ofhëlt. De Verbrauch vun engem Elektroauto hëlt laut enger ADAC Statistik am Wanter am Duerchschnëtt, ofhängeg vum Fuerstil an den externe Bedéngungen, tëscht 10 an 30% zou. Elektroautoe loossen sech awer an der Reegel iwwert eng App virhëtzen, esou dat d'Batterie beim Depart direkt déi richteg Temperatur huet a manner Stroum beim Fuere verbraucht.

Wann een allerdéngs déi aktuell Autonomie vun 350-450 km mat de 45 km a Relatioun setzt, déi en Auto zu Lëtzebuerg am Duerchschnëtt op engem Wochendag zeréckleet, gesäit een, dass dat an den allermeeschte Fäll keng reell Aschränkung ass.


**Heiansdo gesäit een op de soziale Medien E-Autoen déi brennen. Wéi grouss ass d'Chance, dass mäin E-Auto Feier fänkt?**

*GC:* Och wa brennend Elektroautoen ëmmer rëm fir Schlagzeile suergen, **brenne statistesch gesinn elektresch Autoen net méi oft wéi Verbrenner. Laut ADAC wier vun den aktuellen Elektroautoe bis elo kee bei engem Crashtest negativ opgefall.** Och wier d'Sécherheet bei engem Elektroauto am Verglach zu där vun engem Verbrenner duerch déi optiméiert Crashstruktur an dee méi nidderege Schwéierpunkt vum Gefier esouguer oft besser.

*XH:* Wat stëmmt, ass, dass en Elektroauto, dee brennt, virun allem wann d'Héichspannungsbatterie brennt, anescht muss geläscht ginn, wéi ee Verbrenner. Heibäi ass och nach eng Entwécklung an de Läschtechniken ze gesinn, mee de CGDIS ass a verschidden internationalen Aarbechtsgruppe fir sech reegelméisseg mat auslänneschen Experten iwwert d'Entwécklung an deem Beräich auszetauschen an esou sécherzestellen, datt d'Material an d'Formatioun ëmmer um neiste Stand sinn.

**Wann ech eng Borne wëll bei mir doheem abauen, mat wéi enge Käschte muss ech do rechnen?**

*XH:* Am Eefamilljenhaus muss een inklusiv Installatioun mat Käschte vun 1.500-3.000 € rechnen, jee nodeem wéi eng Funktionalitéiten d'Borne soll hunn, a wéi komplizéiert d'Installatioun ass. Dofir kritt een eng staatlech Hëllef vu bis zu 750 oder 1.200 €, jee nodeem wéi eng Intelligenz d'Borne huet.





Quelle: Agora

**Den E-Auto ass nach ëmmer ee gutt Stéck méi deier wéi de Verbrenner. Kéint sech dëst an der noer Zukunft änneren?**

*GC:* **D'Regierung huet rezent déi aktuell Subside vu bis zu 8.000 € fir de Kaf vun engem rengen Elektroauto bis Enn Mäerz 2024 verlängert.** Dëse Montant hëlleft virun allem bei méi klenge Gefierer de Präisënnerscheed zu engem vergläichbare Verbrenner ze miniméieren. Dozou muss een och bedenken, dass en Elektroauto am Betrib an der Reegel méi bëlleg ass wéi e Verbrenner, well d'Stroumkäschte fir 100 Kilometer ze fueren ënnert deene vum Bensinn oder Diesel leien. Zousätzlech dozou kascht een Elektroauto an der Maintenance och manner. Duerch di technesch Entwécklung gëtt sech erwaart, dass d'Präisser vun Elektroautoen an den nächste Jore fale wäerten.

**An zum Schluss nach eng Fro zum Waasserstoff: firwat huet de Waasserstoff-Auto net dee selwechte Succès wéi den E-Auto?**

*GC:* De Waasserstoff-Auto gëtt scho méi laang vu verschiddene Säiten als Zukunftstechnologie ugeprisen. **Faktesch ass et awer esou, dass haut nëmmen nach ganz wéineg Hiersteller aktiv un der Wasserstofftechnologie fir Privatautoe schaffen.** Dëst erkläert sech well dës Technologie méi komplex an deier ass wéi d'Elektromobilitéit. Dozou kënnt dann, dass déi grouss Autonomie vu modernen Elektroautoen an dat séiert Lueden déi geduechte Virdeeler vum Waasserstoff ausgeglach hunn. Am Moment sinn a ganz Europa nëmme ca. 2.700 Waasserstoff-Brennstoffzellenautoen ugemellt géint 2,2 Millioune reng elektresch Autoen[1]. Och a Länner wéi Däitschland, wou relativ vill Waasserstofftankstelle gebaut goufen, hat dës Technologie bis ewell net méi Succès.




Quelle: umschalten.de

[1] https://alternative-fuels-observatory.ec.europa.eu/

## Wou ass Waasserstoff onverzichtbar a wou mécht säin Asaz kee Sënn?




Grafik: Wou ass Waasserstoff onverzichtbar a wou mécht säin Asaz kee Sënn? Quelle: Michael Liebreich

**Dat heescht, dass den E-Auto méi effizient ass wéi de H2-Auto?**

*XH:* Ganz genau. Grénge Waasserstoff gëtt duerch d'Elektrolyse vum Waasser hiergestallt. Da muss de Waasserstoff transportéiert a stockéiert ginn, fir dann erëm an enger Brennstoffzell am Auto genotzt ze gi fir Stroum ze generéieren, deen, zum Deel nodeems en an enger Batterie tëschegespäichert gouf, den Elektromotor vum Auto undreift.

Dobäi geet bei all Etapp Energie verluer. Zousätzlech dozou ass et esou, dass et haut extrem wéineg grénge Waasserstoff um Marché gëtt. Dëse Marché ass zwar amgaang méi grouss ze ginn, mee et ginn eng ganz Rei Applikatiounen an der Industrie, fir déi dëse Waasserstoff éischter gebraucht gëtt, wéi fir Autoen unzedreiwen, well et soss aktuell keng viabel Alternative ginn.

**Aus dëse Grënn gesinn ech de Waasserstoff beim Auto och laangfristeg nëmmen als Nischen-Technologie fir ganz bestëmmten Applikatiounen.** Bei Camionen, déi grouss Distanzen zréckleeën, kann et awer sinn, dass sech de Waasserstoff komplementar zur E-Mobilitéit duerchsetzt.

**Mir soen Iech zwee nach eng Kéier ee grousse Merci fir dës ganz opschlossräich Gespréicher.**

KANTON REIDEN

energie atelier

PacteClimat

**Réidener Energieatelier**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 44
info@energieatelier.lu
www.energieatelier.lu

# Vos propositions pour une amélioration du transport public

Les propositions qui nous parviennent et qui sont jugées « justifiées » par les communes respectives sont régulièrement transmises aux responsables du Ministère de la Mobilité. Voici l'état actuel de nos revendications :

**1. Cadence de 30 min pendant les heures d'affluence des lignes express**

Aucune décision n'a été prise encore par le Ministère, ce point sera un sujet dans une des prochaines réunions du groupe de travail « Réseau » du Ministère.

**2. Desserte de la Gare de l'Atert Lycée Réiden par les lignes 934 et 950 (au lieu de l'arrêt Schock)**

A cause de la position du Atert Lycée Réiden à l'écart de l'axe routier Redange – Reichlange, sa desserte par la ligne 950 est difficile. En effet, la perte de temps provoquée par un détour vers cette gare autobus est trop importante. Cependant, le groupe de travail analysera la desserte de la gare autobus par la ligne 934 (Redange Gare – Mersch Gare). En effet, l'ALR serait le terminus et une perte de temps est dans ce cas moins grave.

**3. Connexion de Rombach/Martelange et de Perlé à Rambrouch / Ettelbruck**

Les comptages sur l'ancienne ligne de bus entre Martelange et Ettelbruck n'ont pas justifié le maintien de cette ligne. Les habitants des localités de Rombach/Martelange et de Perlé à Rambrouch revendiquent au moins une connexion directe vers Rambrouch, où une correspondance vers Ettelbruck est possible. La commune de Rambrouch a préparé une demande écrite pour le Ministère.

**4. Réduction du nombre d'arrêts au Rollingergrund des lignes 901, 902, 903 & 911**

L'arrêt « Bei der Fiels » a été retiré de l'horaire des lignes Express 901, 902 et 903. Ainsi, ces lignes supposées être des lignes rapides n'ont plus que 2 arrêts au Rollingergrund (Roudebierg, Val Fleuri), avant leur terminus à la Pl. de l'Etoile.




La ligne 911 par contre est une ligne régionale, qui dessert plus d'arrêts. Par conséquence, elle dessert tous les 6 arrêts du Rollingergrund: Roudebierg, Val St. André, Val Fleuri, Beim Klomp, Bei der Fiels, Biischtefabrik. Le groupe de travail analysera si tous ces arrêts sont effectivement nécessaires et nous informera de leur décision.

Sachez qu'avec la réforme récente du RGTR, l'interdiction de monter en gardant l'option de descendre a été abolie.

**5. Connexion directe de Vichten à Redange**

La Commune de Vichten envoie une demande au Ministre pour créer une connexion directe entre Vichten et Redange. Une possibilité pour y parvenir serait de rallonger la ligne existante 937 qui a son terminus actuellement au Préizerdaul.

**6. Connexion directe de Saeul à Ettelbruck**

La Commune est en train d'évaluer cette demande et si elle juge que cette connexion aura une chance d'être fréquentée par plusieurs habitants, adressera un courrier au Ministre.

**7. Déviation de la ligne 904 pour desservir Capellen**

Le tracé actuel de la ligne 904 permet de gagner davantage de temps comparé au tracé de l'ancienne ligne 250. Avec une déviation de la ligne 904 de Olm à Capellen, cet avantage sera partiellement réduit. Vu le nombre limité de réclamants, le Ministère ne prévoit actuellement pas de modifier le tracé.


KANTON REIDEN

**Mobilitéitsatelier**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 40 40
mobil@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu

# Wéi zefridde sidd Dir mat Ärem Elektro-Auto?

Mir hunn eng kleng Ëmfro bei Besëtzer vun engem E-Auto aus eisem Kanton gemaacht.

Immens angeneem ze fueren, et gëtt kee Schaltruckelen an de One-Paddel-Feeling ass superflott.

*Patrick, Viichten*

Keng Revisiounen a vill, vill manner Energiekäschten!

*Jeff, Réiden*

Manner Entretien um Auto, méi eng bëlleg Assurance an nëmmen 30 € Steiere pro Joer.


*Patrick, Viichten*

Ech wëll nit méi anescht fueren, dee Confort an déi Rou sinn onbeschreiflech.

*Antonia, Ell*

Ech si frou, dass ech net méi muss extra op eng Tankstell fueren an elo mäin Auto doheem an der Garage ka lueden.

*Antonia, Ell*



## Virdeeler

Ech kann den Auto zu engem grousse Deel mat selwer produzéiertem Stroum aus eiser PV oplueden.

*Jeff, Réiden*

Kee Kaméidi méi, den Noper kritt also net mat, wann een Heem kënnt ;-)

*Patrick, Viichten*

Den Uschafungspräis war kee wierklechen Ënnerscheed zum Verbrenner (et ginn nach ganz interessant Primme vum Staat fir Privatleit).

*Liis, Réiden*

Ech fueren oft kuerz Strecken, wou ee Verbrenner net sënnvoll ass, well de Motor net waarm gëtt.

*Flore, Nojem*

Wann ech doheem oplueden, si meng „Spritkäschten" wesentlech méi bëlleg wéi beim Verbrenner (beim E-Auto bei 3 bis 3,5 €/100 km)

*Patrick, Viichten*

Den absolutte Virdeel: quasi ouni Kaméidi ënnerwee.


*Liis, Réiden*

Di Rou wann een ënnerwee ass, gefält mir am beschten.

*Mike, Réiden*

Di direkt Beschleunegung ass impressionant.

*Mike, Réiden*



# Nodeeler

D'Lueden op enger normaler Luetstatioun dauert méi laang, wéi op der Tankstell. Dës wäert sech an Zukunft awer vill verkierzen.

*Tom, Réiden*

Eng méi kuerz Autonomie. Dofir net gutt gëeegent fir méi wäit an d'Vakanz ze fueren.

*Patrick, Viichten*

Dat elektrescht Surren héiert een och dobaussen (a bei verschiddenen Autoe stéiert dat och).

*Flore, Nojem*

Wann ee keng privat Luetstatioun huet (an enger Residenz zB), ass een op eng ëffentlech Luetstatioun ugewisen, déi ënner Ëmstänn méi wäit ewech ass.

*Tom, Réiden*

Aktuell ginn et haaptsächlech schwéier an deier E-SUV um Marché an nach net vill kleng spuersam E-Autoen.

*Patrick, Viichten*

Et ass heiansdo ëmständlech, dass et a ganz Europa nach keen eenheetleche Bezuelsystem fir d'Opluetstatioune gëtt.

*Mike, Réiden*

Vill kleng oder mëttelgrouss E-Autoen hu keng Attache Remorque an et muss een also ower nach een 2. Auto hunn.


*Flore, Nojem*


Ech denken, datt den E-Auto ënnert dem Stréch méi ëmweltfrëndlech ass wéi ee Verbrenner (och wa mir d'Welt net mat Elektroautoe wäerte retten).

*Patrick, Viichten*

Wann ech zB d'Kräizerbuch erof-fueren, lued meng Batterie rëm op an di kinetesch Energie geet net verluer, wéi beim Verbrenner.

*Mike, Réiden*






KANTON REIDEN

**Mobilitéitsatelier**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 40 40
mobil@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu




# Déi nei Mäerzeger Gemeng

## Komplett renovéiert, nei amenagéiert a virun allem accessibel fir jiddereen!

### Am Gespréich mam Mike Poiré, Buergermeeschter vun der Gemeng Mäerzeg

Den 11. November 2022 wor déi grouss feierlech Aweiung a Präsens vun der Madamm Inneministesch an och Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer, dem Minister fir d'Fonction publique, dem déléguéierte Minister fir d'Digitaliséierung a fir d'Verwaltungsreform, dem Chamberspresident, dem President vum Syvicol, sällegen Deputéierten, ville Buergermeeschteren a Schäffen aus der Regioun a selbstverständlech och vum Mäerzeger Schäffen- a Gemengerot.

### Firwat eng nei Gemeng?

De Projet wor an eisem Walprogramm vun 2017. Am Kapitel Inclusioun - design4all, huet eis Ekipp drop higewisen, datt all kommunal Infrastrukturen esou geplangt a renovéiert misste ginn, datt se fir all Mënschen, ergo och déi mat ageschränkter Mobilitéit, zougänglech misste sinn. Dat gëllt besonnesch fir d'Gemengenhaus. Nodeems mir gewielt gi sinn, hu mir d'Versprieche gehalen an de Projet direkt ugepakt. Et war een direkt Mandat vum Wieler un eis Adress. Geliewten Demokratie!

Et wor inakzeptabel, datt vereenzelt Bierger hier Dokumenter um Trottoire op der Mauer virun der Gemeng hu missten ënnerschreiwen oder datt fir eng Hochzäit verschidde Familljememberen oder d'Koppel selwer nitt an de Sëtzungssall komm sinn, well se d'Trap nitt eropkomm sinn.



Donieft wor d'Gebai och nitt méi konform par Rapport zu de Sécherheetsnormen. Eng „Mise en conformité" war batter noutwendeg.

Politesch gesinn ass de Projet dunn och Deel gi vum Leader-Projet #mertzig4all deen sech ronderem den alternative Wirtschaftsmodell vun der „Gemeinwohlökonomie" dréint. Déi mënschlech Dimensioun an d'Inclusioun sinn déif an dësem Modell verankert a guidéieren eis bei eisen alldeeglechen Aktiounen an Aarbechten.

## E Gebai mat laanger Geschicht

Eis Gemeng wor fréier effektiv eng Gierwerei an och d'Heemechtshaus vum Sosthène Weis, deen de 29. Januar 1872 zu Mäerzeg op d'Welt koum. Dohier och de Numm „Wäissenhaus". De Sosthène Weis ass deemno „e berüümte Mäerzeger Jong". De Kënschtler huet sech souwuel als Architekt wéi och als Meeschter vun der Aquarelltechnik e Numm gemaach. No sengem Studium am Bauingenieurswiesen an an der Architektur zu Oochen a München huet hien och Couren an der Aquarellmolerei geholl. Wéi hien 1905 als Staatsarchitekt ernannt ginn ass, wor hien ënnert anerem och um Ausbau vun der deemoleger Ettelbrécker „Maison de santé" bedeelegt, esou wéi och um Bau vum Postgebai an der Stad um Aldringer, der Ettelbrécker Gemeng oder och nach dem Munnerefer Thermalbad.



Seng Wierker an der Aquarellmolerei zeechnen sech aus duerch déi lieweg Faarwen, stëmmungsvoll Liichtvariatiounen an déi besonnesch attraktiv Atmosphär. Déi meescht vun den iwwer 5.000 Wierker sinn tëscht 1915 a 1941 entstanen. D'Stad an hier Uertschafte ronderëm hunn hien an de Bann gezunn, wëssend dass hien awer och aner Regioune vum Land gemoolt huet, besonnesch d'Éislek.



D'Mäerzeger Verwaltungspersonal mam Schäfferot.

## En Hommage un de Sosthène Weis

De neie Sëtzungssall huet de Gemengerot op Propos vum Schäfferot nom Sosthène Weis benannt. Et gëtt och nach een „digitale Musée" integréiert, deen d'Liewen an d'Wierker vun dëser lokaler Perséinlechkeet beliichten. Dëse Projet gëtt an Zesummenaarbecht mam Stater Geschichtsmusée an dem Nationalmusée fir Geschicht a Konscht ëmgesat, déi schonn e groussen Deel vu senge Wierker digitaliséiert hunn. D'Biller esou wéi och e puer Architekteplàng wäerten um groussen Ecran ze gesi sinn. Zu gudder Lescht hu mir beim neien Agang vun der Gemeng, an Zesummenaarbecht mam Veräin „Patrimoine Roses pour le Luxembourg", ee klenge Rousegaart zu Éiere vum Sosthène Weis ugeluecht.




## Architektonesch Erausfuerderungen

